PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Am Mee goufe 5,7 Milliounen Antigen-Schnelltester un Entreprisë verdeelt. Dës Tester waren ee wichtegen Outil am Kampf géint de Coronavirus zu engem Moment, wou nach vill Leit net keng Méiglechkeet haten, fir sech ze impfen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schnelltester stinn dem Personal an den eenzelne Ministèren nach zur Verfügung?
2. Wéi vill Schnelltester stinn dem Personal an den Etablissement publics nach zur Verfügung?
3. Mengen Informatiounen no hunn d'Employéeën a verschiddene Servicer vun den CFL net méi d'Méiglechkeet op Schnelltester zréck ze gräifen, well d'Tester fir Auslandsreesen (zum Beispill an Däitschland) zréck behale ginn. Huet all Ugestallten bei den CFL nach ëmmer d'Méiglechkeet, fir ee Schnelltest op der Aarbecht ze maachen? Wéi vill Schnelltester bleiwen hei nach iwwreg?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député